103,6     100,3     1

# Garde Grand-Ducale     2ième partie

An ~~dem~~ éischte Bericht iwert d'Garde Grand-Ducale hu mir drun erinnert wei et
nom 2ten Weltkrich zou der Afféierung vum obligatoreschen Militärdingscht zou Lëtzebuerg komm ass an zwar:
wé ons Land Ufanks September 1944 vun der preiseschen Okkupatioun befreit war,
d'Exil Regierung nés heiheem huet sie ~~den~~ mam Arrêté vum 30ten November 1944
~~gelooss~~ ~~d'ob~~ den obligatoreschen Dingscht agefouert. ~~Zesummen~~ Am Eisenhower
sengem Haaptquartéier zou Fontainebleau ufanks 1945 gouf dann och festgehalen
dass Lëtzebuerg 2 Infanterie Bataillonen opzestellen hätt a sech un der
Besetzung vun Däitschland sech bedeelege soll.

Awer och schon am März 1945 gouf d'Compagnie vun der Garde Grand-Ducale
constituéiert, an entspriechend Medezinesch Ennersichungen waren vun Dezember
1944 bis Enn März 1945.

Ero koum d'Grande Duchesse Charlotte bei hirem retour den 14ten Abrël 1945 mat
militäreschen Éieren um Fluchhafen empfange ginn.

Och ~~de~~ beim feierlechen TEDEUM den 15ten Abrël 1945 an der Cathédral war
d'Garde mat derbäi a gouf frenéitesch vun den ~~z~~ dausende vun Zuschauer applaudéiert

Mir hatten och gesot dass de Ravitaillement vun der Garde vun der Fiere vun Oblimmel
ding aus gemaat gouf. Dass dese Ravitaillement herrlech fir des jonk ~~Borsch~~ Borschte
war, mä awer och den Drill hart an d'Wuechtstoen bei Dag an Nuets ustrengend.

Och déi éischt Partizipatioun un den grossen Manoeuveren un dénen d'Zaldoten vun der Garde,
déi seit der Grenzen deelgeholl hun alles wé ware ké Vakanze Liewen.

Déi éischt Garnisounen zenter der Constitutioun vun der Garde am März 1945 ware
d'Kasären um Helleg Géischt an am Camp zou Senningen.

De 15ten Februar 1951 koum dunn d'Compagnie an d'Kasären fir Walfer a ass
hei bliwwen bis November 1960.

Am Kader vun der Reorganisatioun vun der Armée an de Joeren 1959 an 1960 gouf d'Garde an de militär Camp zu Capelle verluecht.

Bei enger nächster Réorganisatioun vun der Armée ~~am Joer~~ 1964 kumm d'Garde de 16te Mee 1964 op den Herrebierg bei Dikrech.

Hei huet sie hir lescht Joere verbruecht; hir leschte Missiounen erfëllt bis ~~zum~~ den 29 Januar 1966 hire leschten Optrëtt an der Oeffentlechkeet war d'lescht ~~Rel~~ feierlech Relève vun der Garde beim grossherzoglechen Palais zou Letzebuerg.

Wat waren nun d'Aufgaben vun der Garde Grand-Ducale? Et war net nemmen Wuecht stoen mä sie ware vill mé vielseiteg:

Eso zum Beispill: Dingscht an de Kasären –

D'Zaldoten ënnerluchen engem mée pousséierter militär Ausbildung –

Et gouf u villen Exercicen a Manoeuveren deel geholl.

D'Ére Wuecht virum Palais an d'wöchentlech feierlech "Relève" Zeremonien beim Palais wat ëmmer vill Touristen an Nokuckerten ugezunn huet.

Da ware Plotoen vun der Compagnie ëmmer bei oeffentlechen Evénementer, wei och bei Staat's Visiten derbei

d'Paraden an d'Prises d'Armes Grossherzogsgebuertsdag oder de "Service d'honneur" bei Religiéise Fester wei bei déi Schlussprozessioun..

Oft ass oft d'Gendarmerie verstärkt gin wei zum Beispill als Garde beim Schlass zou Fischbierg.

Verschidde Verwaltungsgebeier waren ze bewachen, wei d'Ministèren, d'Ambassaden an d'Spuerkees.

Bei gross Optrëtt an Gala Uniform waren awer ëmmer d'Haptévénementer an dest bei de Visiten vu grosse Staatsmänner. Hei e puer Beispiller:

- Den 7ten Juni 1945 desen Empfang vum General Dwight Eisenhower de "Commandant Suprême des Forces Alliées" ~~de~~ vum 2te Weltkrich

De 14ten a 15ten Juli 1945 d'Visite vum Wiston Churchill " Prime Minister" ~~vum Royaume Uni~~ vu Grossbritanien pdt am 2te Weltkrich

Vum 19ten bis den 21ten November 1948 d'Visite an d'Inspektioun vum briteschen Maréchal Viscount Montgomery.

Do waren och bei: de franséische Maréchal Juin – d'franséisch Generäl Noiret, Koenig a Vallury, fir nemmes des ze nennen.

Awer och Zivil Persénlechkeeten goufen mat militäreschen E'eren empfangen, also d'Garde Grand-Ducale mat derbei: Eso: de Lord Ismay, General Secretär vun der OTAN, den 21 november 1953 – den Italieneschen Aussenminister Gaitano Martino, de Paul-Henri Spaack och als General Schrifter vun der OTAN an de Lyndon Johnson deemols Vize President vun den USA.

Bei weidere grossen Evenementer war d'Garde derbei: wé:

den 9te Méi 1945 beim grossen Parade-Défilé vum "Victory Day", den 1ten Anniversaire vum Kriddsenn, genau wei och beim 1ten Anniversaire vun der Befreiung vun onsem Land den 10te September 1944.

Den 5te Juli 1947 war d'Aweiung vun der "Voie de la Liberté", an am Ausland de 16ten Juli 1950 d'Aweiung vum U.S. Mémorial "Mardasson" zou Baaschtenech.

~~am Dez~~ 16ten Dezember 1964 den 20ten Anniversaire vum Ufank vun der Ardennen Offensif "the Battle of the Bulge".

Di lescht ~~gr~~ ganz gross Sortie war den 21ten September 1965 zou Lëtzebuerg zesummen mam "Ministre des Armées françaises" als 50sten Anniversaire vun de verloschtreiche Gefechter an der Champagne am 1te Weltkrich

No dëser Opzielung vu glanzvollen Optrett vun onser Garde elo zu hiren E'eren de Marsch "Grande Duchesse Charlotte vum Fernand Mertens

D'Compagnie vun der Garde Grand-Ducale gouf den 28ten Februar 1966 opgeléist. D'Offizéier, d'Ennerofizéier an d'Zaldoten goufen vun der Compagnie B Infanterie semi-autonome beim 1ten Artillerie Bataillon iwwerholl. Kasernéiert war se zou Dikerech. Et kann een ~~villen~~ des Bezeechnungen weisen, am Géigesaz zou dénen 2 einfachen Infanterie Bataillonen, wéi am Hef vun den Anekdotsperen an onser Armee erëmgebastelt a reorganiséiert ass gi, bei der Opléisung vun der Garde sech villen Offizéier a Mannschaftsmemberen un d'Häerz schwéier wéi gedoen. Sie haten d'Garde Compagnie léif gewonnen a wore mat hir duerch déck an dënn gaangen. Oeft liest een aus Bréiwer eraus déi un d'Nofolger gaange sin. Et ass dofir och net verwonnerlech dass dei "Anciens vun der Garde" sech an enger Amicale des Anciens Gardistes zesummen geschloss hun. Am Hierscht 1992 hat sech e Grupp vun desen ale Jongen ~~zesum~~ erem gesinn an e Comité d'Organisation gegrënnt. D'Aufgab war Convivialen vun den anciens Gardistes ze organiséieren.

Den éischte Convivial am Januar 1993 zou Dikerech war e grosse Succès.

D'Erfahrungen bei déne verschiddenen Conviviaien hu gewisen dass et noutwendeg wär eng égen autonome Amicale vun de Gardisten an d'Liewen ze ruffen. Esou gouf den 7te März 1995, 50 Joer no der Constitutioun vum Corps de Garde, an enger Assemblée constituante d'Statuten approuvéiert an d'Amicale des Anciens Gardistes a.s.b.l. den 10te März 1995 korrekt enregistréiert. D'Ziel ass, an enger Amicale all déi zesummen ze fasen déi während der Liewensdauer vun dëser prestigéiser Unitéit vun 1945 bis 1966 gedingt hun.

Mir haten Ufanks vun desen zwo Sendunge gesot, dass d'Geschicht vun der Compagnie vun der Garde Grand-Ducale eis géif interesséieren well bei hirer Constitutioun am Joer 1944 bal dauter fréier enrôlés de force waren. Awer och Diddelenger hun dëser Garde ugehéiert an ech well do als éischten de Batty Schneiders nennen. De Batty war de 5te Januar 1922 zou Diddeleng gebuer - an den RAD no Polajewo agezunn donno an d'Wehrmacht zwangsrekrutéiert, desertéiert an hat sech no mat den éischten fräiwëlleg an d'Garde gemellt. 1922 war hien jo net méi bei d'lëtzebuergesch obligatoresch Armée agezunn wéi d'Jorgang 1925 an 1926. Leider ass de Batty duerch eng onheelbar Krankheet all ze fré den 23. Abrël 1973 gestuerwen.

Et wären nach aner ze erwähnen wéi z.B. de Jos Prim, 1925 zu Ettelbréck gebuer awer zenter 1945 zu Diddeleng gewunnt. Hien ass de 6 Dezember 1995 gestuerwen.
Och de Camille Collé, 1923 zu Buderscheid gebuer an och zu Diddeleng gewunnt wo hien och de ~~…~~ 4te Februar 1996 gestuerwen as.
An zum Schluss de Jos Meyers, dén laang Joer bei der Gendarmerie Diddeleng war, 1924 gebuer, kum vun Niederkuer an ass och zu Diddeleng gestuerwen den 29 Abrël 1992.
Et wären nach aner Episoden iwwert "ons Gardisten ze erzielen, a wann nach é vun de Freiwëllegen Diddelenger géif liewen hätt mir hien als Zeitzeien bei hin invitéiert an ech hätt aus der Frendenzeit vun der Garde zielen. Awer eso ass dës an ech muss mech mat dëm begnügen wat an der Iwwerlieferung néier geschriwwen ass.

Well ons Gardisten awer zecken Zaldote waren an ëmmer op d' Märsch vun onser Militär Musek marschéiert sinn, brénge mir do en Auswiel vu Lëtzebuerger Militär Märsch ënner der Direktioun vum Pierre Nimax